

Odeon asbl presents

Winterlights 2026

Saturday, 14.11.2026 (19:00)

place publique - 3, rue de l'Église
L-5414 Canach

New
location!

entry: 12 euros
food and drinks available on site

live music with
21:00 **Serge Tonnar & Band**
19:30 **Cheyenne Janas**





Serge Tonnar & Band Dem lëtzebuergesche Musiker an Aktivist seng Lidder, mat spatzer an dach zäertlecher Fieder geschriwwen, sinn no iwwer 30 Joer op der Bün en Deel vum kulturelle Patrimoine ginn. Dass deen awer kee Stébs usammelt, dofir suergen seng ëmmer nees nei Engagementer an der Gesellschaft an a sengen Texter, an déi villsäiteg an innovativ musikalesch Besetzungen a Programmer uechter d'Land. Hie beschäftegt sech mat weesentleche Wäerter wéi Solidaritéit, Frëndschaft a Léift an dat aus den Ae vun engem Revoltéierten, engem Kämpfer dee säi Wee geet, wäit ewech vun den Extremisme vun all Bord, an deen sech wiere muss, heiansdo wéi en Don Quichotte, fir Humanist ze bleiwen, eng Aufgab, déi ëmmer méi schwéier ze gi schéngt. Dat kléngt no schwéierem Kascht, ma keng Angscht, Humor a Gefiller suerge fir Liicht (a Liichtegkeet), grad wéi déi méiglech Ausweeër aus dem Leed, déi dacks an den Texter virgeschloe ginn. Mat senger Band leien déi musikalesch Wuerzele bei Kläng vu Weltmusek, Folkrock, Balladen a Protest Songs. Och huelen de Serge a seng Musiker ëmmer nees ganz nei Stécker mat an de Programm, déi ee vläicht nach guer net héieren huet. E Concert vun dëse 4 Gesellen ass ëmmer wéi en Tour op der Achterban, tëscht Gefiller, Nodenklechem a matsangen an danzen bei hire bekanntste Lidder.

Serge Tonnar: Gittar a Gesang

Rom Christnach: Bass

Ben Claus: Brëtellspiano an Uergel

Dirk Kellen: Batterie

www.tonnar.lu



Cheyenne Janas Déi talentéiert franséisch Sängerin gouf als Halleffinallistin bei The Voice France engem groussen Publikum bekannt. Mat hirer staarker an ausdrécksvoller Stëmm, hirem natierleche Charisma an hirer impressionanter Bühnepresenz begeeschtert d'Cheyenne d'Publikum bei all Optrëtt. Freed iech op e villfältege musikalesche Programm mat enger ganz besonnescher Mëschung aus Country, Blues, Americana, Rock'n'Roll an zäitlose Klassiker, déi d'Cheyenne op hir ganz eegen, authentesch an emotional Aart interpretéiert.
www.designingentertainment.lu/cheyenne-janas

**Come experience the magic of
Winterlights in Canach, this year at a
new location, the town square... food
and drinks will be available on site!**

Thank you to our sponsors:

